**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

| Info-Box | |
|---|---|
| Bestell-Nummer: | 13011LU |
| Sprooch: | Lëtzebuergesch |
| Kaméidistéck: | 5 Akte |
| Bünebiller: | 1 „Headquarter" vun enger Partei |
| Spilldauer: | +/- 100 Min. |
| Rollen: | 6 |
| Frauen: | 3 |
| Männer: | 7 |
| Rollensatz: | 7 Hefte |
| Preis Rollensatz | 125,00€ |
| Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€ | |

**13011LU**

# ... an da kënnt et anescht wéi erwaart

(Kaméidistéck an in 5 Akten)

vum

**Jos Weimerskirch**

I

nhalt :

Kuerz virun de Chamberwalen huet eng Partei schlecht Resultater an de Sondagen an décidéiert e Klunni als Spëtzekandidat ze nennen fir dem herno d'Schold fir de Fiasko kënnen ze ginn. Heemlech ënnerstëtzt de Kapp vun der Partei och e Kandidat dee net méi an hirer Partei ass. Mee de Klunni erstaunt genau esou wéi de Wieler.

D'Stéck spillt an der Géigewaart.

Bünebild:

Den "Headquarter" vun enger Partei: e miwweléierte Büro mat engem Dësch e puer Still an engem Canapé.

Persounen:

| Persounen | Beschreiwung | |
|---|---|---|
| Siggy Tromp | Chauffer a neie Spëtzekandidat | |
| Maria Dos Santos | Sekretärin/Assistentin vun der BLING | |
| Claude Mustela | Vice-Premier a Parteichef vun der BLING | |
| Françoise Bindels | Kommunikatiounsberoderin | |
| Etienne Couturier | Chef vun der Géigepartei | |
| Viv. Kéideng | fréiere Parteimember vun der BLING mat eegener Partei | |

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

## Akt 1

### Szeen 1A

*(De Fraktiounsbüro vun enger Partei, e miwweléierte Büro mat Dësch, e puer Still an engem Canapé. Era kommen de Claude, Chef vun der Partei, deen de lénksen Aarm verbonnen an enger Schleef dréit an d'Françoise, seng Kommunikatiounsberoderin.)*

**Claude** Ech kommen vum Premier an deem seng Decisioun ass geholl. Hien kandidéiert net méi, hien mellt sech fir e Posten zu Bréissel.

**Françoise** Bléift him dann soss nach eppes anescht iwwereg?

**Claude** Als Vice-Premier an als Chef vun der 2t stäerkster Majoritéitspartei kommen ech als Nächsten a Fro.

**Françoise** Mee et ka keen Aech leiden.

**Claude** Gudd, dass Daer mech drun erënnert.

**Françoise** Ech schwätzen net vun Aech perséinlech, mee vun der ganzer Partei.

**Claude** D'Wieler sinn Halwerweis. All 5 Joer ginn déi net méi gewielt déi hiert Wuert net gehalen hunn fir dann nees déi ze wielen déi se 5 Joer virdrun belunn hunn.

**Françoise** Dat ass de Roulement.

**Claude** Ech nennen dat Dommheet.

**Françoise** Wëll Daer meng Meenung héieren?

**Claude** Wann ech Aech net dofir bezuele géif, géif ech "Nee" soen.

**Françoise** Dat ass Demokratie.

**Claude** Besonnesch wann Daer esou Schlauheete vun Aech gitt.

**Françoise** Et gëtt ee just nach fir 5 Joer Premier. Di mécht erneieren duerno hir Kandidatur fir weider un der Macht ze bleiwen.

**Claude** Se bleiwen et awer net éiweg.

**Françoise** An elo gëtt et een dee wëll emol net fräiwëlleg bleiwen.

**Claude** Et misst een an engem Gesetz d'Walen ëm 6 Méint an de Wanter verréckelen.

**Françoise** Ech hunn eng besser Iddie.

**Claude** Ech froe mech all Kéiers fir wat ech Aech nach nolauschteren.

**Françoise** Bleift Aech da soss nach eppes anescht iwwereg?

**Claude** Ech froe mech ob maer duerch Aer Rotschléi net an esou e Schlamassel komm sinn.

**Françoise** Ech mengen als Léisung brauch Daer eng Persoun déi ...

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Claude** Wat gelift?

**Françoise** Ob alle Fall sinn dës Walen wéi wann een an senger Schwämm vun der Titanic un enger Schwammcourse deelhuele géif.

**Claude** Wat wëll Daer domadder soen?

**Françoise** Egal wien gewënnt, zum Schluss geet een awer ënner.

**Claude** Et stëmmt, dass maer schlecht Sondagen hunn, esou guer ganz schlechter. An dann?... Hu Daer eng Alternativ?

**Françoise** D'Alternativ dat war Daer. An Daer musst zouginn dat war och keng Léisung.

**Claude** Ech soen Aech Merci.

**Françoise** Wat maer elo brauchen ass eng Alternativ zu der Alternativ.

**Claude** Daer maacht mech virwëtzeg.

**Françoise** D'Leit kënnen Aech net ausstoen.

**Claude** No all deem wat maer fir d'Leit gemaach hunn. Maer hunn esou guer de Numm vun der Partei geännert.

**Françoise** Wat wëll Daer? De Wieler ass ondankbar. Si sinn sech net bewosst wat Daer fir Sacrificë bruecht hutt.

**Claude** Dat ass et. Mach Daer och nach de Geck ...

**Françoise** Nee, mee kënne maer 5 Minutten seriöe mateneen schwätzen?

**Claude** Ech héieren ...

**Françoise** Wa maer Aech als Spëtzekandidat virschloen, och mat engem Resultat wéi a Russland, hu Daer keng Chance gewielt ze ginn.

**Claude** A wann ech mat engem gudde Walprogramm kommen?

**Françoise** Jo awer net wann d'Sondagen esou schlecht sinn.

**Claude** Daer hutt Recht. Et gëtt schwéier nees biergop ze kommen. Mee sot wat ass aere Plang C?

**Françoise** Wann een de Bierg net erop kënnt, da muss een deen anere Wee rudderen.

**Claude** Virdrun hu Daer gesot d'Titanic géif ënnergoen an elo proposéiert Daer maer ze rudderen. Wéivill bezuelen ech Aech, dat géif mech elo interesséieren.

**Françoise** Dat ass ganz einfach, Daer wäert gesinn ...

**Claude** Di leschte Kéier wéi Daer maer dat gesot hutt, war ech 48 Stonnen bei der Police an enger Zelle.

**Françoise** Mee ech hat verhënnert, dass Daer op Schrasseg komm sidd.

Leseprobe. Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Claude** Ech lauschteren.

**Françoise** Maer arrangéieren et, dass en aneren Spëtzekandidat vun der Partei gëtt.

**Claude** Dat gëtt schwéier, well bis ewell sinn ech deen eenzegen.

**Françoise** D'Iddie ass, dass maer definitiv d'Partei versenken, maer kucken souwisou just nach mam Kapp aus dem Waasser.

**Claude** Dofir di Saach mat der Titanic. Ech hunn verstan. Ech hoffen Daer hutt e Rettungsboot fir mech.

**Françoise** Vill besser wéi dat, Daer wäert gesinn.

**Claude** Elo sinn ech awer virwëtzeg.

**Françoise** Wärend maer op der enger Säi eise Kapitän versenken, hëllefe maer zur selwechter Zäit engem an enger anerer Partei.

**Claude** Sou ze soen engem Stréimann.

**Françoise** Alles wat de Wieler wëll ass eiser Partei en Denkziedel ze ginn. Si stëmmen egal wien fir eis ze schueden.

**Claude** D'Wieler hunn all keng Anung.

**Françoise** Nodeems eise Géigekandidat gewielt gouf, ännere maer deem senger Partei de Numm an dann triede maer der Partei mat eise Leit bei. Sou si maer fir di nächst 5 Joer gerett.

**Claude** Ëmständlech, geschwënn weess kee méi a wat fir enger Partei ech sinn. Hu Daer dann och schonns eng Iddie fir e neie Numm.

**Françoise** Fir wat net "D'Partei"

**Claude** "D'Partei"?... D'Partei wéi?

**Françoise** Ganz einfach "D'Partei". Fir ze ënnersträichen, dass et dorëms geet di al Grenzen vu lenks a riets ze iwwerwannen.

**Claude** Jo awer....

**Françoise** Wéi déi vis-à-vis gemengt hunn se misse sech "a Beweegung" nennen huet och jiddereen dat fir blöd fonnt.

**Claude** Et gesäit een wéi wäit se domadder komm sinn. Leider si maer net di eenzeg Partei di kandidéiert. Dat ass e Nodeel vun der Demokratie.

**Françoise** Fir eis Oppositioun och. Hire Spëtzekandidat huet esouvill Kreemchen ëm sech, dass hien eng Quincaillerie kéint opmaachen. D'Leit wëlle kee riets a kee lenks.

**Claude** D'Leit sinn domm.

**Françoise** Ech mengen dat hat Daer schonns gesot? Wat hal Daer vu menger Iddie?

Leseprobe.Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Claude** An d'Wale goen mat engem Spëtzekandidat deen vun Tuten a Blosen keng Anung huet an deem maer schonns am viraus soen wat e soe soll. Jo, dat muss ech maer duerch de Kapp goe loossen... Mee wien seet, dass di aner net op di selwecht Iddie kommen?

**Françoise** Si hunn di selwecht Iddie.

**Claude** A jo. A wei wëll Daer do esou sécher sinn?

**Françoise** Well ech hinnen se opgeschwat hunn.

**Szeen 1B**

**Claude** Wéi schaff Daer fir d'Konkurrenz?

**Françoise** Di riets an di lenk. Gleeft maer, dat ass alles iwwerlieft.

**Claude** Wéi kënn Daer dat?

**Françoise** Éierlech, gëtt et en Ënnerscheed tëschent den 2 Programmer?

**Claude** Ech weess et net. Ech wousst net, dass maer e Programm hunn a si och net.

**Françoise** Wat notzt also e permanente Wiessel?

**Claude** Ma dat ass de Glawen un d'Demokratie.

**Françoise** Virun allem sech d'Posten deelen. Emol ech emol Du. Firwat net zesumme regéieren?

**Claude** Ma wien géif di eenzel Ministère festleeën? Si oder maer?

**Françoise** Daer géift Aech d'Tâchen deelen.

**Claude** Eng aner Aart vu Gläichstellung.

**Françoise** Ech si sécher, Daer kritt do keng Problemer fir dat ëmzesetzen.

**Claude** Jo ... mee dann krite maer just d'Hallschent vun de Posten.

**Françoise** Net onbedéngt. Et géif duer goen d'Posten vun de Ministeren ze verduebelen.

**Claude** Dat géif awer bedeiten, dass maer nei Ministère schaffe missten.

**Françoise** Ech mengen do hat nach ni eng Regierung e Problem Dat ass dat eenzegt wat se gudd kënnen, a wa net, da schaffen se en zousätzleche Staatssekretär Posten.

**Claude** Kultur, Ëmwelt, Tourismus, Wirtschaft,...

**Françoise** Et kéint ee jo och e Bureau d'études chargéieren fir nei Ministèren ze schaffen. Oder all Minister misst sech Gedanken maachen, fir wat fir e Ministèrë hien gären seng Pai hätt. Se musse jo schliisslech e bësse schaffen.

**Claude** Dat ass gewot, mee gudd. Wien wier dann eise Stréimann?

**Françoise** Fir wat net d'Kéideng?

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Claude** D'Viviane Kéideng. Ech treffe mech herno mat hir.

**Françoise** Ech weess. Ech hat si gefrot fir sech mat Aech ze treffen.

**Claude** Eng fein Fra. Meng Daer net dat wier e bëssen zevill fir hat?

**Françoise** Si war schonn am Europaparlament.

**Claude** Et ass wouer. Em wat hat et sech scho méi gekëmmert?

**Françoise** Ëm de Sport am drëtten Alter an ëm d'Vermaartung vum roude Wäin.

**Claude** Ech erënnere mech. Mee ech weess net méi ob si e Resultat hat.

**Françoise** Eng Fra dat ass méi modern. Do huet kee Verdacht. Do kënnt och keen drop si als Premier ze wielen.

**Claude** Dat ass selbstverständlech.

**Françoise** An se léisst sech méi einfach manipuléieren wann se bis gewielt ass.

**Claude** Dat ass sécher. Eng Fra. An och nach eng aus dem Vollek.

**Françoise** Si ass schonns innerhalb vun der Partei ugeeckt, well si sech besser fillt wéi all di aner a behaapt alles ze kënnen. Dat mécht et méi einfach dës Rolle ze spillen.

**Claude** Jo, dat kéint een esou probéieren. A fir d'Walen, wien gesi Daer do bei eis als Kapitän deen mam Boot ënnergeet. Ech hoffen net mech.

**Françoise** Ech gesinn do éischter e neie Mann een deen net zum enkste Krees gehéiert. E neie Mann dee géint Aech fir de Spëtzekandidat kandidéiert.

**Claude** E neien? Fir wat net och nach eng Jongfra?

**Françoise** Fir wat eigentlech net?

**Claude** Daer géift eng Jongfra dofir afferen?

**Françoise** Am Fong kéint een egal wien huelen deen...

**Claude** A wien seet, dass dee gewielt gëtt?

**Françoise** Fir de Moment wiele maer just de Spëtzekandidat. Maer sinn ënner eis. Maer arrangéieren dat. Eise Kandidat däerf just herno bei de Chamberwalen net vun eise Leit gewielt ginn.

**Claude** Gudd, an hu Daer e Numm deen Daer maer proposéiere kéint?

**Françoise** Deen éischten Topert deen hei era kennt ass dee richtegen.

**Claude** Bei eis an der Partei feelt et net un Toperten. Mee déi hunn all eppes am Casier stoen.

**Françoise** Wat maer brauchen ass e Kandidat deen guer keng Ambitiounen huet, een deen eis ganz zur Verfügung steet.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Claude** E ganz onscheinbaren.

**Françoise** Genau. Een aus der ziviller Gesellschaft.

**Claude** Dat stëmmt, dat ass haut modern.

**Françoise** Fir wat net aere Chauffer?

**Claude** Dat ass e Witz.

**Françoise** Nee de Siggy. En heescht jo Siggy?

**Claude** Mäi Chauffer heescht Siggy? Wouhier wësst Daer dat?

**Françoise** Ech hat e gefrot wéi en heescht an du sot e Siggy.

**Claude** Mäi Chauffer ... Et kennt keen en ... Ech esouguer wosst emol net säi Virnumm.

**Françoise** Genau, dësen Typ ass ganz transparent. Et ass keen. Hien mécht genau dat wat maer him soen, bis zu deem Moment wou maer e net méi brauchen.

**Claude** An Daer mengt hien wier dee richtegen Spëtzekandidat?

**Françoise** En ass genau dee richtegen fir Stoussnéckel. Mee ass hien eigentlech Member an der Partei?

**Claude** Sympathisant ob mannst.

**Françoise** E kritt eng Pai vun der Partei. Dann ass e sécher Sympathisant.

**Claude** Ech passen ob alle Fall op. *(weist säin Aarm an den Schléng)* Kuckt. Dat ass e Souvenir wéi ech fir d'lescht mat him ënnerwee war a wéi maer voll an e Bam gerannt sinn.

**Françoise** Dofir hu Daer also aeren Aarm am Verband.

**Claude** E war am Auto ageschlof. En huet maer erkläert e wier schlofkrank a géif ënner Narcolepsie leiden.

**Françoise** Da brauche maer e jo just ze erweechen wa maer e brauchen.

**Claude** Dat berouegt mech. An Daer fäert net, dass maer mat esou enger Schlofmutz richt an d'Mauer rennen?

**Françoise** Genau. D'Partei rennt mat him richt an d'Mauer a maer leeën nees lass.

**Claude** Wat. Di leschte Kéier wéi ech mat him lass geluecht hunn, hunn ech maer d'Hand verstaucht.

**Françoise** Natierlech ännere maer e bëssen a sengem CV a maer dinn him d'Kap of, fir dass en net zevill no Chauffer ausgesäit. Ech weess et net ... maer soen e wier Taxichauffer gewiergt.

**Claude** E Chauffer als Premier. Méi no beim Bierger geet net. An Daer mengt en hätt dat néidegt Format?

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Françoise** Format? Daer maacht de Geck. Hien ass de Kinnek vun de Klunnien.

**Claude** An Daer wëllt him d'ganzt Land uvertrauen? Enger Persoun déi sech als Chauffer ausgëtt an emol net mäin Déngschtauto fuere kann.

**Françoise** Ech widderhuelen et nach eng Kéier, et geet dorëms ass hien net Premier gëtt.

**Claude** Et stëmmt. Ech muss et soen aere Plang C ass ganz kniwweleg. Dofir gefält dee maer och esou. De Kinnek vun de Klunnien. A fir wat net direkt meng Fra?

**Françoise** Aer Fra? D'Kinnigin vun de Klunnien wëll Daer soen?

**Claude** Da géif et an der Famille bleiwen. Nee? Stellt Aech fir, di Saach geet schif?

**Françoise** Genau. Fir de Wieler ass et besser keen direkte Lien mat der Famill ze hunn. An ech erënneren Aech, Aer Fra huet schonn e gudde Posten an der Chamber.

**Claude** Et ass wouer, ech vergiessen dat di ganzen Zäit.

**Françoise** Ech weess emol net ob si dat weess.

**Claude** An Daer mengt dat kéint klappen?

**Françoise** Gleeft maer. Ech weess aus Erfarung, wat di Saach méi grouss ass wat et manner opfält.

**Claude** Seriöe?

**Françoise** Daer schéint maer nach net ganz iwwerzeegt.

**Claude** Ech wollt maer just Gedanke maachen wou et eventuell net klappe kéint.

**Françoise** Merci fir Äert Vertrauen.

**Claude** A wann hien dann awer de Wieler gefält?

**Françoise** D'Leit aus Aerer Partei erkenne sech scho laang net méi ënnert den Taxichaufferen. Aer Parteileit, ob alle Fall déi nach bleiwen, sinn haut lauter Banker a Geschäftsleit, eventuell och nach Leit aus der Mëttel Klass.

**Claude** Et stëmmt maer sinn haut net méi d'Partei vun deene klenge Leit.

**Françoise** Am Fong hu Daer di selwecht Clientèle wéi déi vun der Partei niewendrun, de Problem ...

**Claude** Mäi Chauffer...

**Françoise** Siggy.

**Claude** Gudd ... An aere Kinnek vun de Klunnien. Weess hien schonn, dass hien eise Spëtzekandidat soll ginn?

**Françoise** Nach net, ech waarden op Aeren Accord.

**Claude** Wann Daer mengt, dass dat di eenzeg Léisung ass.

Leseprobe: Verlagsverband
- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Françoise** Hu Daer eng besser Léisung?

**Claude** Wann ech Iddien hätt, hätt ech Aech net engagéiert.

**Françoise** An?

**Claude** OK ... Ech sinn domadder averstanen. Mee ech hoffen ech maachen keng Dommheet.

**Szeen 2**

*(Maria kënnt)*

**Maria** Moien.

**Claude** A do komm Daer Joffer. Françoise, ech stellen Aech meng Assistentin vir, Sabrina de Sousa.

**Maria** Maria Dos Santos, Här Mustela.

**Claude** Sou ass et... Maria de ...

**Françoise** Moie Joffer.

**Claude** Ech kann Alles maachen, mech vu mengem Conseiller de Gouvernement trennen oder och vu menger Fra, mee ouni d'Maria sinn ech verluer. Ech kann net emol E-Maile schreiwen.

**Françoise** Jo. Dofir mengen ech ass et wichteg, dass maer de Logiciel wiesselen.

**Maria** Här Mustela, ech muss mat Aech schwätzen wéinst der Pressekonferenz. D'Journalisten fänken un ongedälleg ze ginn. Si wéisste gären d'Nimm vun de Kandidaten fir d'Chamberwalen.

**Claude** Ech kommen direkt. Ech gi just nach mam Françoise *(zum Françoise)* Wëll Daer, dass mäi Chauffer Aech zeréck féiert?

**Françoise** Daer sot e géif wärend dem Fueren aschlofen. Wëll Daer éiere menger lass sinn?

**Maria** De Siggy? Nee.

**Françoise** Daer wësst also och, dass e Siggy heescht?

**Maria** Jo, natierlech,...

**Claude** Ech weess nees net wou en sech erëm dreift ... Den ass sécher nees enzwousch ageschlof. Dat fänkt gudd un ...

**Szeen 3**

*(Se ginn eraus. D'Maria huet sech un een vun de Büroe gesat, mécht hire Laptop op a fänkt un um Clavier ze tippen. Hiren Telefon schellt.)*

**Maria** Zentralbüro vun der BLING. Woumat kann ech hëllefen? Nee de Claude Mustela kann den Ament net mat Aech schwätzen ... Jo ech weess, maer sinn e puer Wochen virun de Walen an ... Ech si sécher Daer gidd et deemnächst gewuer ... Sou ass et ... Schéinen Dag ...

Leseprobe: Verlagsverband
- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Szeen 4**

*(De Siggy kënnt eran an enger Chauffer-Uniform, déi schlecht sëtzt an mat enger Chauffer-Kap.)*

**Siggy** Coucou, Maria!

**Maria** Siggy, wat hu Daer mech erféiert, den Här Mustela sicht Aech.

**Siggy** Ech ginn, ech ginn, Ech wollt Aech just Bonjour soe kommen.

**Maria** Ma gudd. Bonjour, an Äddi.

**Siggy** Sot Maria, Daer .... Daer iesst vun Zäit zu Zäit?

**Maria** Maer sinn e bëssen am Stress. Daer wësst maer stinn virun de Chamberwalen, a maer hunn nach keng Kandidatelëscht. Ech iesse just de Bréitchen um Büro.

**Siggy** Gudd mee ... Maer kéinten zesummen eng Taass Kaffi drénken. Ech ginn e sichen. Ech bezuelen en och.

**Maria** Dat ass léif vun Aech. Mee ech hunn keng Zäit, an den Haer Mustela waart op Aech.

**Siggy** Ech weess net wat dee wëll ... Iwwerhaapt froen ech mech fir wat deen eigentlech e Chauffer huet. E fiert léiwer Taxi.

**Maria** Jo dat froen ech mech och. Am Fong ... ech mengen et ass fir d'Madame Bindels.

**Siggy** Déi ka sécher och 2 Minutte waarden.
*(Den Handy vum Siggy schellt.)*

**Maria** Anscheinend net...

**Siggy** *(schwätzt an den Handy)* Jo, ech kommen direkt... *(E péckt den Handy an)* Ech ginn net ier ech vun Aech eng Äntwert hunn.

**Maria** Zu wat fir enger Fro?

**Siggy** Ma fir eng Kéier zesummen eng Taass Kaffi ze drénken.

**Maria** Wann Daer elo net gitt, gi Daer nach entlooss.

**Siggy** Dann ass et Aer Schold.

**Maria** OK, ech denken doriwwer no ... mee elo maacht virun.

**Siggy** Merci.

*(De Siggy geet. D'Maria laacht. Den Telefon vum Maria schellt nees.)*

**Maria** Jo, ganz gudd. Ech soen him Bescheed wann e kënnt.

**Szeen 5**

*(De Claude kënnt erëm a wierkt a Gedanken.)*

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Claude** Hu Daer mäi Chauffer gesinn?

**Maria** De Siggy ass elo grad gaang. - Hien féiert d'Madame Bindels op hire Büro.

**Claude** Ganz gudd, ganz gudd ... Sot Maria, kënn Daer e gudd, mäi Chauffer?

**Maria** De Siggy? Jo, am Fong ... Alt esou ...

**Claude** Wat ass dat fir een?

**Maria** Wéi?

**Claude** Meng Daer et kann een op hien zielen? Ech wëll soen, esou privat, wann e net mam Auto fiert?

**Maria** Daer dierft him et net iwwel huelen wann en haut de Moien e bësse méi spéit dru war, dat war meng Schold.

**Claude** Sot elo net Daer an hien ...

**Maria** Nee guer net. Ech ... Ech hat e gefrot fir maer nach e Bréif ze timbréieren an ...

**Claude** Ech verstinn ...

**Maria** Äre Besuch ass do. E waart do ënnen.

**Claude** Ganz gudd. Sot e soll erop kommen.

*(D'Maria hieft nees den Telefon op.)*

**Maria** Sot zu der Madame Kéideng, si kéint erop kommen.

*(Den Handy vum Claude schellt an hien hieft op.)*

**Claude** Jo? Jo den Här Premier. Moie Pierre. Jo ech weess, d'Situatioun ass schlecht ... Ganz gudd Pierre ... Jo sécher ech këmmere mech dorëms - Lauschter meng Beroderin hat fir emol eng gudd Iddie.

**Szeen 6**

*(De Claude geet eraus fir weider ze telephonéieren. D'Viv. kënnt eran.)*

**Viv.** Ech komme bei den Claude.

**Maria** Den Haer Mustela kënnt all Ablack. Hien telefonéiert grad mam Premier. Kann ech Aech iwwerdeems e Kaffi offréieren?

**Viv.** Ouni Zocker wann ech gelift.

**Szeen 7**

*(D'Maria geet eraus an de Claude kënnt eran.)*

**Claude** A moie Viviane.

Leseprobe: Verlagsverband
- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Viv.** Moie Claude.

**Claude** Ech hunn elo grad mam Premier telefonéiert, an dunn, ...

**Viv.** Ech ka maer natierlech virstellen wat e beschäftegt. Och wann ech dobäi soe muss, dass hien wat mech betrëfft, e Liewe laang Premier misst sinn.

**Claude** A jo. Elo wou eis Premierë ganz jonk sinn, sinn se ze jonk fir an hirem Amt ze stierwen. gudd. Lauschter Viviane, fir net laang em de Bräi ze schwätzen a fir direkt op de Punkt ze kommen ...

**Viv.** Ech sinn net presséiert, mee ech lauschteren ...

**Claude** Kanns Du Daer virstellen als Spëtzekandidat vun enger Partei an d'Walen ze goen

**Viv.** Dat ass léif mee ...

**Claude** Fir éierlech ze sinn, ... Du weess jo, dass et schlecht ëm eis Partei steet. Du géifs natierlech mat enger neier Partei an d'Wale goen.

**Viv.** Dat kléngt interessant wat proposéiers Du?

**Claude** Du géifs mam Numm vun enger neier Partei an d'Walen goen a maer géifen Daer beim Opstellen vun denger Lëscht an dengem Walprogramm hëllefen.

**Viv.** Wat gelift?

**Claude** Maer géifen dech heemlech ënnerstëtzen.

**Viv.** Mee huele maer emol un ech gi gewielt. Wat geschidd duerno? Ech kréie keng absolut Majoritéit.

**Claude** No de Wale géif eis Partei mat Daer an d'Majoritéit oder an d'Oppositioun goen an da géife maer lues a lues zu der neier Partei eriwwer wiesselen.

**Viv.** Ech verstinn. A wien geet da bei der BLING an d'Walen.

**Claude** Ma eis Kandidaten mat hirem Spëtzekandidat.

**Viv.** An dat ka kee sinn ausser Daer.

**Claude** Maer hunn ee Neie fonnt.

**Viv.** Wien? A besseren weis Du?

**Claude** E schlëmmeren, ... mäin Chauffer.

**Viv.** Dat ass e Witz.

**Claude** Nee.

**Viv.** Däi Chauffer ... Wéi heescht deen dann?

**Claude** Siggy. En heescht Siggy

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Viv.** Siggy wéi?

**Claude** Keng Anung.

**Szeen 8**

*(D'Maria kënnt nees zeréck a bréngt dem Viv. de Kaffi.)*

**Claude** A Maria.. Wéi heescht mäi Chauffer? Ech wëll soen mam Familljennumm.

**Maria** Tromp.... Siggy Tromp.

**Claude** Tromp, e schreift sech Tromp. Dat ass net schlecht Tromp. Wéi am Kaartespill.

**Viv.** De Siggy ass Tromp. Dat mobiliséiert sécher wärend de Walen.

**Claude** Maer erwaarde jo och net, dass maer mat him wannen. - Komm mat a mäi Büro dann erklären ech Daer alles.

**Szeen 9**

*(De Claude an d'Viv. ginn, de Siggy kënnt eran.)*

**Maria** Si Daer nach ëmmer do?

**Siggy** D'Bindels wollt net, dass ech se op de Büro feieren an de Patron wëll mech gesinn. Ech mengen dës Kéier wëll e mech eraus geheien.

**Maria** Ech hoffen awer net wéinst menger.

**Siggy** Egal wéi, ech hunn es genuch ëmmer just de Chauffer ze sinn. Souwéisou hunn ech guer kee Führerschäin.

**Maria** Daer sidd Chauffer an hutt kee Führerschäin.

**Siggy** Dach, berouegt Aech. Ech hunn e Führerschäin, just keng Punkten.

**Maria** A an der Rei, dat berouegt mech.

**Siggy** An ausserdeem. Gudd, dass ech hinnen bei der Astellung net gesot hunn, dass den Dokter festgestallt huet, dass ech d'Schlofkränkt hunn.

*(De Claude kënnt mam Françoise eran.)*

**Claude** Elo wou den Här Tromp do ass, wier et grad un der Zäit d'Saach ze reegelen.

**Maria** Ech loossen Aech.

*(D'Maria geet.)*

**Szeen 10**

**Françoise** Ier maer ufänken bieden ech Aech hei ze ënnerschreiwen.

**Siggy** Wat ass dat? D'Ofrechnung vu mengen Kont?

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Claude** Dat ass de "Secret professionell".

**Siggy** A sou? Nee, berouegt Aech ech hunn net Wëlles eng Kéier meng Memoiren ze schreiwen, wann ech bis am Chômage sinn. Ech war schonn an der Schoul schlecht fir Aufsätz ze schreiwen. Mee wann ech esou iwwerleeën, ech hu Komesches héieren.

**Françoise** Et ass just fir sécher ze sinn, dass eist Gespréich ënner eis bléift.

**Siggy** Daer maacht maer Angscht. Gëtt et esou schlëmm. Wann Daer mech erausgeheie wëllt, wësst Daer ech hunn näischt dergéint - Ech froe mech just ob een einfach esou entlooss ka ginn. Ech kréien jo awer Chômage. "Faute grave" kënnt ganz schlecht, wann dat an engem sengen CV steet.

**Claude** Ënnerschreift.

**Siggy** Jo Chef.
*(De Siggy ënnerschreift. Di aner 2 kucke ech mat engem beonrouegte Bléck un.)*

**Claude** Sot Ricky, et mécht Aech jo näischt aus wann ech Aech Ricky nennen.

**Siggy** Ech heeschen Siggy.

**Claude** Maer reiden elo net um Buschtaf. Also léiwe Siggy, ech hunn nëmme Guddes vun Aech héieren.

**Siggy** A sou? A vu wiem?

**Claude** Ma zum Beispill vum Barbara.

**Siggy** Kennen ech net.

**Françoise** Den Haer Mustela wollt Maria soen.

**Siggy** Ah sou? D'Maria?

**Claude** Fir op de Punkt ze kommen. D'Partei brauch Leit wéi Aech. Géif et Aech net reizen Politik ze maachen?

**Siggy** Politik? Daer mengt esou richteg Verhandlunge feieren?

**Claude** Maer hunn do éischter un eppes geduecht wat am Verhältnis zu aere Fäegkeeten steet.

**Siggy** Ech gesinn. Owes Plakate peche goen a Programmer de Leit an d'Boîte geheien.

**Claude** Wéi Daer wësst, ass d'Politik ganz am Ëmschwonk. Maer brauchen fräscht Blutt.

**Siggy** Wann Daer wëllt, dass ech Blutt spende ginn dann deet et maer Leed. Ech géif Aech gären hëllefen, mee ech ka keng Nol gesinn.

**Claude** Maer sichen e kapabelen Kandidat fir d'Chamberwalen.

**Siggy** Fir d'Chamberwalen?

**Claude** Maer sinn hei an eisem Zentralbüro fir d'Walen. Dat wësst Daer dach sécher.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Siggy** Wësst Daer, ech an d'Politik ...

**Claude** Dat ass perfekt. Maer siche grad een dee nei Iddie bréngt.

**Siggy** Iddien?

**Françoise** Jo maacht Aech do kee Kapp. Iddien krit Daer vu maer. Dat ass meng Spezialitéit.

**Siggy** Meng Spezialitéit war bis ewell mam Auto ze fueren.

*(De Claude kuckt en entgeeschtert un.)*

**Françoise** Gudd, interesséiert dat Aech? Jo oder Nee?

**Siggy** Wann ech Aech domadder hëllefe kann.

**Claude** Jo genau, Daer wäert eng grouss Hëllef.

**Françoise** Ouni mech wëllen zevill eraus ze woen, ech mengen dat géif dem Maria och gefalen.

**Siggy** Meng Daer?

**Claude** Natierlech. Maer musse just e bëssen un Aerem Style schaffen.

**Siggy** U mengem Style?

**Françoise** Daer kënnt net sou ugedo bleiwen ... als Personal. Sidd berouegt. Ech bezuelen Aer Kostümer.

**Siggy** Mee ... Daer halt mech awer nach als Chauffer?

**Claude** Dat schéint maer schwéier. Daer kritt eng Promotioun, soe maer als Tresorier vun der Partei, oder esou.

**Siggy** Tresorier. Wësst Daer ech an Zifferen, woubäi, mat Buschtawen ass et och net besser.

**Françoise** Nee, berouegt Aech, et gëtt ganz einfach. Wësst Daer, Daer kritt am Fong en Éierentitel.-

**Siggy** En Éierentitel, mee wann ech et net bréngen?

**Claude** An deem Fall huelen ech Aech als Chauffer zeréck, dat ass versprach.

**Siggy** An der Rei.

**Claude** Si Daer domadder averstanen?

**Siggy** Jo Chef.

**Claude** Ech hat Aech schonn eng Kéier gesot, mech wärend der Walcampagne net Chef ze nennen. Wann Daer elo Spëtzekandidat gitt muss Daer Aer Gewunnechten änneren.

**Siggy** Spëtzekandidat. Ma dat sot maer awer keen.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

*(Di aner 2 kucken en matleedeg un)*

**Françoise** Ech erklären et Aech nach eng Kéier.

**Siggy** Jo, Merci.

**Françoise** Also, dat wat maer gären vun Aech hätten ...

*(De Siggy schléift an.)*

**Claude** Maer sinn nach net op der gewonnener Säit.

**RIDDO**

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstéck*
*"... an da kënnt et anescht wéi erwaart"*

Wëll Dir dat ganzt Theaterstéck liesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.

**Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstéck**
**Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text**
**Rout Bestellbox. Di ganz Rollen**
**Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen**

Wann Iech dat Theaterstéck gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
www. mein.theaterverlag.de

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersnehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Vertrieb**
mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de –www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de. – www.nrw-hobby.de

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -